



Aktivitéitsrapport vum Joer 2024

Versammlungen:

- D'Generalversammlung war den 13. Abrëll 2024 zu Mutfert am Jugendhaus.
- De Comité ass am Joer 2024 5 Kéieren zesumme komm: 07.02.2024, 05.06.2024, 10.07.2024, 19.09.2024, 23.10.2024.

Aktiounen:


- 20.02.2024: Den neie Kulturminister Eric Thill huet de Comité vun der AL fir eng Entrevue am Kulturministère empfaangen.
- 01.07.2024: Mir hunn äis mat 1000€ un engem Projet vun der Gemeng Bauschelt bedeelegt, wou si u 37 al Haiser eng Plackett mat dem ale lëtzebuergeschen Numm vum Haus ubréngen. De Logo vun der AL ass op der Plaquette drop.

Manifestatiounen:

- 13.01.2024: Op eisem Neijooschpatt zu Éiter ass d'Sëlwer Plackett „Dicks-Rodange-Lentz“ un de fréiere Sproochecommissaire Marc BARTHELEMY fir aussergewéinlech Verdéngschter am Kader vun der Lëtzebuenger Sprooch iwwerrecht ginn. RTL war fir e Reportage op der Plaz.
- 14.04.2024: Mir waren fir déi éischte Kéier um Bicherdag zu Biwer mat engem eegene Stand vertrauden an hunn 30 Bicher am Wäert vun 365€ verkaf.
- 11.06.2024: D'AL war op der Diplomiwverreechung zu Conter vertrauden, wou Leit, déi Lëtzebuergesch-Coursë matgemaach hunn, en Diplom iwwerrecht kruten. Als Belounung huet d'AL Bicher aus eisem Verlag („Mosaiksteng“ an „Eises“) un all déi Leit verdeelt, déi en Diplom kruten.
- 16.11.2024 a 17.11.2024: No 1 Joer Abstinenz ware mir op de Walfer Bicherdeeg nees mat engem eegene Stand an der Hal 2 vertrauden. Mir hu 45 Bicher am Wäert vu 566,70€ verkaf. De Lex ROTH huet op de Walfer Bicherdeeg e Concours mat Geldpräis organiséiert: d'Leit hu misse fir 20 Punkten 10 Sätz vum Lëtzebuergeschen op Däitsch a Franséisch iwwersetzen. Déi 5 Gewënner kruten op de Kapp 300€ als Präis iwwerwisen. Et war och déi éischte Kéier, wou een op eisem Stand mat Payconiq bezuele konnt.

Gratis Servicer:

- Permanenten Telephonsservice fir dem Public op all Froen iwver d'Lëtzebuenger Sprooch ze äntweren: Orthographie, Grammaire, Geschicht, asw. Dee selwechte Service gouf och iwver E-Mail a Facebook ugebueden.



Interviewen / Presse:

- Publikatioun vun 10 ganzsäitege Rubricken „Eng Klack fir eis Sprooch“ am Luxemburger Wort an 8 Stéck am Tageblatt: 06.01.2024, 03.02.2024, 02.03.2024, 06.04.2024, 04.05.2024, 01.06.2024, 06.07.2024, 05.10.2024, 02.11.2024, 07.12.2024.
- 13.01.2024: Artikel op RTL.lu a Reportage op RTL Tëlee iwwer eisen Neijooschpatt 2024, der Iwwerreechung vun der Sëlwer Plackett „Dick-Rodange-Lentz“ un de Marc BARTHELEMY.
- 02.03.2024: No 7 Joer Abstinenz gëtt „Eng Klack fir eis Sprooch“ nees reegelméisseg am Tageblatt publizéiert. Nodeems de Journal net méi op Pabeier gedréckt gëtt, ass d'Luxemburger Wort déi eenzeg Zeitung gewiescht, déi d'Klack nach gedréckt huet. Mir soen eisem Member Fränz Stein villmools Merci fir säin Asaz an dësem Dossier.

Verlag / Publikatiounen:

- Verkauf a Liwwerung vu lëtzebuergesche Bicher aus eisem Verlag: am Ganze goufen am Joer 2024 521 Bicher am Wäert vu 7322,30€ (Verkaufspräis ouni Reduktioun fir Butteker) verkaf.
- Vum Buch „Verbentabellen op Lëtzebuergesch (FR)“ si 400 Exemplare fir 2040,48€ nodréckt ginn. D'AL liwwert déi Bicher an d'Zukunft selwer un d'Librairien, den Auteur Jérôme LULLING verzicht aus steuerleche Grënn drop, d'Buch selwer ze verkafen. De Gewinn kënnt eiser Keess zegutt.
- De Lex ROTH huet den Text „The Raven“ vum Auteur „Edgar Allan Poe“ vum Engleschen an d'Lëtzebuergesch iwwersat an d'AL huet d'Iwwersetzung als Broschür 1200 Mol drécke gelooss. Déi franséisch Iwwersetzung vum „Charles Baudelaire“ ass och dobäi. D'Broschür ass fir dat neit Joer 2025 un all Member gratis heem geschéckt ginn.
- D'Buch „Eiser Lidder“ ass intensiv verbessert an iwverschafft ginn (e grouse Merci un de Patrick EHLERINGER fir seng Aarbecht). Et sinn 1000 Exemplaren nogedréckt ginn.

Kommunikatioun:

- Eng Kéier am Joer verschécke mir e Bréif mat der Memberskaart an der Invitatioun fir d'Generalversammlung un eis 994 Memberen.
- Sozial Medien: Op Facebook hu mir elo 1904 Follower (1790 Liken), op Instagram 316 Follower an op Twitter/X 310 Follower. Eis Poste gi reegelméisseg vun iwwer 10.000 Leit gesinn.
- Mir hunn eng Mailinglëscht mat 881 E-Mail Adressen opgebaut.

Verschiedenes:

- Mir kruten den Agreement vum Focuna (Fonds Culturel National) a verzichte wéinst dem neie a.s.b.l. Gesetz op d'utilité publique. An deem Kader huet d'AL e Bréif un d'Justizministesch geschéckt. Wann d'Leit der AL iwwer de Focuna en Don maachen, kënnen si den Don nach ëmmer vun de Steieren ofsetzen, och ouni „utilité publique“.

2025:

- 25.01.2025: Op eisem Neijooschpatt zu Éiter ass d'Sëlwer Plackett „Dicks-Rodange-Lentz“ un den éischten Direkter vum ZLS (Zenter fir d'Lëtzebuergesche Sprooch), de Luc MARTELING iwwerreecht ginn. RTL war fir e Reportage op der Plaz.
- Zënter dem 12.02.2025: De Lex ROTH verzielt um Radio RTL all Woch eng „Schnok“.
- 27.02.2025: Gespréich zu Izeg tëscht dem Comité vun der AL an dem Sproochecommissaire Pierre Reding.